

4. Dépôt d'une résolution par M. Paul Galles

Dann ass elo d'Wuert fir den Här Paul Galles fir den Depot vun enger Resolutioun.

Exposé

M. Paul Galles (CSV), auteur | Jo, merci villmools, Här President. Ech deposéieren eng Resolutioun am Bezuch op déi sougenannte „geplante Presidentschaftswalen“ am Belarus elo de 26. Januar, dat heescht an e puer Deeg, a véier Deeg. Dir wësst, dass mer eis als Chamber ëmmer erëm och ausdrécken zu international relevanten Thematiken, besonnesch wann et ëm Ongerechtegkeete geet. An Dir wësst och, dass ech déi Eier hat, am Conseil de l'Europe an der Assemblée parlementaire e Rapport ze schreiwen – besonnesch d'Kolleegeinnen an d'Kollegen aus der APCE wëssen dat – iwwert d'Situatioun vun deenen exiliéierte Belarussen an de Länner vum Conseil de l'Europe. Et gouf nach en anere Rapport iwwregens vun engem Kolleeg vun de Sozialdemokraten iwwert déi innepolitesch Situatioun am Belarus an och doriwwer, wéi dann déi Gesellschaft am Belarus ka preparéiert gi fir eng demokratesch Zukunft.

Dat si Rapporten, déi derzou gefouert hunn, dass eng grouss Sensibilitéit an de Länner vum Conseil de l'Europe dofir entstanen ass, eebe grad déi belarussesch Cause ze verteidegen. An esou ass och eng ganz Dynamik entstanen, déi derzou gefouert huet, dass sech Frëndschaftsgruppen an den eenzele Parlamenten gegrënnt hunn, déi dann erëm eng Kéier matenee schaffen, fir zum Beispill dann eeben och zäitgläich – oder an der selwechter Woch oder zur selwechter Zäit – Initiativen an de Parlamenten ze ergräifen, wéi zum Beispill och eng Resolutioun, déi änlech wéi déi heiten och an anere Parlamenten an dëser Woch an deenen nächsten Deeg agereecht wäert ginn.

Et geet drëms, déi Presidentschaftswalen net unzeerkennen, aus zwee Grënn: well den Diktator, deen do ass, de Lukaschenko, oder Lukaschenka op Belarussesch, bis elo eigentlech op eng illegitim Aart a Weis un der Muecht ass – dat hunn déi Observateure vun deemools, vun 2020, esou confirméiert – a well säitdem – an dat ass den zweete Grond – och immens Repressaillen am Land passéiert sinn, ganz vill politesch Prisonéier am Land an Haft si beziehungsweise dann och ganz vill Familjen a Leit hu missen de Belarus no 2020 verloossen. Et rechent ee mat bis zu enger hallwer Millioun vu Leit, déi an d'Länner vum Conseil de l'Europe hu misse flüchten.

Déi heite Resolutioun soll eis derzou opruffen als Chamber, déi Walen, déi Presidentschaftswalen, déi gefaket sinn – et ass eng Show hannen um Enn, et gëtt keng Kandidat vum der Opposition, et ass alles preparéiert, si ass en halleft Joer no vir gezu ginn, eigentlech géint d'Verfassung vum Land, fir eeben alles aneres ze veronmëglechen, also och en Opstoe vun der Opposition ze veronmëglechen –, vu viran net unzeerkennen, dann awer och d'Fräi loosung vun alle politesch Prisonéier ze fuerderen an dann och ze kucken an ze fuerderen, dass dat Land an eng demokratesch Zukunft ka goen, an dofir och déi demokratesch Forcé vum Belarus, déi exiliéiert sinn, ze ënnerstëtzen.

Ech soen de Kolleegeinnen an de Kollege vun deenen eenzelne Fraktiounen a Sensibilitäten, déi hei mat ënnerschriwwen hunn, Merci. Mir hunn et bal gepackt bis eng Unanimité. Ech hu bei der ADR laang probéiert, meng Iwwerzeegungskraaft wirken ze loossen. Et huet net grad ganz geklappt. Den Här Keup, dee ka jo dann erklären, firwat d'ADR et elo net ënnerschriwwen huet. Merci heifir. An ech soen

Iech och nach eng Kéier Merci fir d'Ennerstëtzung fir dat Land, wat eng demokratesch Zukunft méi wéi verdéngt huet.

Résolution

« concernant les élections présidentielles en Bélarus prévues pour le 26 janvier 2025 »

La Chambre des Députés,

– considérant les évaluations internationales des précédentes campagnes électorales sous le régime de Loukachenko, jugées non libres, non équitables, et non conformes aux critères de l'OSCE ;

– rappelant le caractère illégitime du régime de Loukachenko suite à la manipulation des élections de 2020 et à la répression des manifestations pacifiques qui ont suivi ;

– observant que l'élection présidentielle prévue pour le 26 janvier 2025 a été avancée de six mois par rapport au délai légal et se déroule dans un climat de peur marqué par des arrestations massives d'opposants politiques, avec 1.265 prisonniers politiques identifiés au 30 décembre 2024, dont des figures majeures comme le lauréat du prix Nobel de la paix Ales Bialiatzki ;

– notant que les conditions et le cadre institutionnel nécessaires à la tenue d'élections libres et équitables n'existent pas en Bélarus, les partis d'opposition, syndicats indépendants, organisations de la société civile et médias indépendants ayant été systématiquement démantelés ;

– soulignant que la campagne actuelle est encore moins libre que les précédentes, les candidats enregistrés étant affiliés au régime en place et près d'un demi-million de citoyens belarussiens vivant en exil étant privés de leur droit de vote ;

– considérant que plusieurs États membres du Conseil de l'Europe ont d'ores et déjà annoncé qu'ils ne reconnaîtront pas les élections de 2025 en Bélarus et leurs résultats, s'engage à

– condamner les élections prévues le 26 janvier 2025 en Bélarus, les qualifiant de fraude visant à légitimer une dictature ;

– appeler les États membres de l'Union européenne et la communauté internationale démocratique à rejeter fermement ces élections et à continuer à ne pas reconnaître la légitimité d'Alexandre Loukachenko en tant que Président après cette date ;

– exiger la tenue d'élections libres et équitables en Bélarus, sous supervision d'organes spécialisés internationaux, avec des garanties d'observation indépendante, un processus de vote sécurisé, des opportunités égales pour tous les candidats, et des médias libres ;

– demander la libération immédiate et inconditionnelle de tous les prisonniers politiques, la fin des répressions politiques, et l'instauration d'une justice pour les violations des droits humains commises par le régime ;

– encourager l'Union européenne à renforcer les sanctions contre le régime Loukachenko, en les synchronisant et en comblant les failles existantes, tout en adoptant de nouvelles mesures ciblant les secteurs qui financent le régime ;

– réaffirmer son soutien aux aspirations démocratiques et européennes du peuple belarussien, tout en distinguant clairement le peuple du régime illégitime ;

– insister sur l'importance de l'indépendance du Bélarus pour la stabilité régionale et européenne, et souligner la nécessité de contrer la propagande russe qui sape la souveraineté et l'identité belarussiennes ;

– soutenir le développement de la société civile belarussienne démocratique par des initiatives telles que l'octroi de visas, de bourses, de subventions et d'un soutien institutionnel aux médias indépendants et aux forces démocratiques en exil ;

– reconnaître la légitimité des forces démocratiques belarussiennes, y compris la présidente élue Sviatlana Tsikhanouskaya, comme représentants du peuple belarussien ;

– affirmer que le régime Loukachenko doit répondre de ses crimes, notamment du soutien de l'agression russe contre l'Ukraine, et que la communauté internationale doit garantir qu'aucune impunité ne soit accordée.

(s.) Paul Galles, Sven Clement, Yves Cruchten, Gusti Graas, Sam Tanson, David Wagner, Laurent Zeimet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Galles.

5. Ordre du jour (suite)

Wat dës Resolutioun an d'Motioun vun der Madamm Welfring ugeet: Mam Accord vun den Auteure kommen déi elo net haut op den Ordre du jour a mir kucken am Laf vum Mëtten, weini mer se da kënnen op den Ordre du jour huelen.

6. 8443 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées

Da komme mer zum nächste Punkt an dem éischte Punkt vun eiselem Ordre du jour vun haut de Mëtten, an zwar dem Projet de loi 8443, enger Ofännerung vum ofgeännerte Gesetz iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht a follgendermoossen opgedeelt: 10 Minutte fir d'Rapportrice, all Fraktioun an all Sensibilitéit 5 Minuten, d'Regierung 10 Minuten. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Jean-Paul Schaaf, d'Madamm Francine Closener, den Här Fred Keup an d'Madamm Djuna Bernard. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Barbara Agostino. Madamm Agostino, d'Wuert ass fir Iech.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Mme Barbara Agostino (DP), rapportrice | Här President, léif Kolleegeinnen a Kollegen, et ass mir eng Freed, Iech dës Gesetzesprojet virstellen, mat deem mir e wichtege Schrëtt am Beräich vun der Unerkennung vun internationalen Diplome am Sekondaire kompletéieren. Mat Hëllef vun dësem Projet de loi gëtt de Studenten hiren Zougang zum Enseignement supérieur weesentlech erliichtert an déi international Mobilitéit an domat och de Choix vun de Studenten an hiren akadeemescher Karriär gefërdert.

E Wuert zum Kontext: Bis elo huet den Educatiounsministère bei der Unerkennung vun internationalen Diplome an Ennerscheed gemaach, jee nodeem ob den Ofschloss aus engem Land mat regionalem Ofkomme staamt oder an engem Drëttsstaat absolviéiert gouf. Wann ech vu „regionalem Ofkomme“ schwätzen, sinn dat d'Konventioun vu Paräis aus dem Joer 1953 iwwert d'Equivalenz vun den Diplome an d'Konventioun vu Lissabon aus dem Joer 1997 iwwert d'Unerkennung vu de Qualifikatiounen. Fir Studenten aus Drëttsstaaten gouf eng differenziéiert Approche bei der Bewäertung vun hire Qualifikatiounen applizéiert.

Mat der Convention mondiale vun der UNESCO, déi den 20. September 2024 hei am Grand-Duché a Kraaft getrueden ass, ass en eenheetlechen an transparente Kader geschaf ginn. Dës Konventioun setzt kloer Reegele fir d'Unerkennung vu schouleschen Ofschlëss an huet als Haaptzil d'Fërderung vun der Mobilitéit a gläichzäiteg d'Gerechtegkeet an d'Transparenz bei de Prozeduren.

D'Convention mondiale bréngt weesentlech Virdeeler mat sech. Éischstens: Si setzt international Standarde fir d'Bewäertung vun Diplomer. Zweetens: Si garantéiert eng gerecht, transparent a standardiséiert Evaluatioun vu schoulesche Qualifikatiounen. An drëtzens: Si erméiglecht eng Unerkennung vu schouleschen Ofschlëss aus alle Länner, déi dës Konventioun ratifizéiert hunn, op déi selwecht Manéier wéi d'Ofschlëss aus Länner mat regionalen Ofkommessen.

Fir d'Studenten huet dës Konventioun konkreet Virdeeler: Studenten, déi international mobil wëlle sinn, profitéiere vun enger méi gerechter a standardiséierter Bewäertung vun hire schouleschen Diplomer. Dobäi kënnt, dass d'Tax, déi fir eng Unerkennung vun Diplomer bezuelt muss ginn, vun 125 Euro op 75 Euro reduzéiert gëtt.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Convention mondiale gouf bis elo vun 30 Länner ratifizéiert, dorënner och Lëtzebuerg, a si ass den 20. September 2024 zu Lëtzebuerg a Kraaft getrueden. Fir d'Konformitéit mat dësem neien internationalen Engagement sécherzestellen, ass et elo néideg, den Artikel 1bis Paragraph 4 vum Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën unzepassen, fir dass och do eng kloer Referenz op d'Convention mondiale gemaach gëtt.

Zu dësem Gesetzesprojet gouf et dräi Avisen: De Staatsrot huet keng Observatioun formuléiert an och d'Chambre des Salariés an d'Chambre de Commerce begrëssen dëse Schrëtt. Si gesinn doranner e kloer Message, datt Lëtzebuerg d'Mobilitéit vun de Studenten an d'Unerkennung vu gläichwäertegen schoulesche Leeschtungen aktiv ënnerstëtzt.

Mat dësem Text weist Lëtzebuerg nach eemol, dass et sech net nëmmen un internationale Standarden orientéiert, mee och aktiv un hiren Entwécklung deelhëlt.

Dëst gesot, verweisen ech fir all weider Detailer op de schrëftleche Rapport a ginn heimat den Accord vun eiser Fraktioun. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Agostino, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndlechen Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Jean-Paul Schaaf (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech wëll och am Numm vun der CSV-Fraktioun eisen Accord zu dësem Projet ginn. Et ass jo effektiv e Projet, deen eigentlech nëmmen exklusiv Positives beinhalt. Do ass näischt do, wou ee kéint soen: „Hei ass iergendwou nach en Hoken oder eng Remark oder esou ze maachen.“ Et ass eng Unerkennung vun enger internationaler Konventioun, déi dann derzou féiert, dass mer keng Differentiatioun méi hunn tëschent deene Studenten, déi aus Drëttlänner kommen, an deenen, déi ënnert déi, wéi d'Rapportrice et genannt huet, Konventiounen vu Paräis oder Lissabon bis elo gefall sinn. Dat ass also am Interêt vun de Studenten.

Et muss een och hei nach positiv bemierken, dass hei ganz séier geschafft ginn ass: Den 2. Oktober ass de Projet deposéiert ginn, den 12. November hat de Staatsrot scho säin Avis ginn an haut kënne mer dat dann iwwert d'Gesetz da guttheeschen. Et ass och schonn – d'Rapportrice huet dat och gesot – vum 20. September d'lescht Joer un a Kraaft, also vum Schouljoer, fir dass do och keen Nodeel ass.

Déi eenzeg Remark, déi ee kéint maachen, ass, dass jo awer 2019 déi UNESCO-Konventioun op der Generalkonferenz vun der UNESCO guttgeheescht ginn ass an et awer bis 2024 gedauert huet, bis mer se als Lëtzebuerg ratifizéiert hunn, mee dat ass awer just vläicht eng kleng Remark à part.

Et ass e positiven Text. Et kann een alle Bedeelegte villmools Merci soen an alle Studente vill Gléck an eise Land wënschen. Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Schaaf. Dann ass et un der Madamm Francine Closener.

Mme Francine Closener (LSAP) | Merci, Här President. Och mir begrëssen dëse Projet de loi. Et ass natierlech wichteg, dass Studenten aus Partnerlänner net diskriminéiert ginn, och net wann et ëm d'Unerkennung vun hirem Diplom an ëm de Präis geet. Duerfir, ech mengen, et ass alles gesot. An ech ginn domadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Closener. Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Ech ginn dann och fir d'ADR den Accord. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Madamm Bernard.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Mir bleift wierklech och näischt Weideres ze soen. Ech ginn heimat den Accord fir déi gréng Grupp, Sensibilité politique, ... (Hilarité)

... Fraktioun.

(Interruptions)

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bernard. Här Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Déi Lénk Grupp ass och fir dëse Projet de loi.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

Dann huet d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir bleift just, der Chamber ze felicitéieren, datt se schnell geschafft huet – e bësse méi schnell wéi d'Regierung, dat ass effektiv wouer –, an och Merci ze soe fir déi breet Zoustëmmung haut de Mëtteg.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

A mir géingen zur Ofstëmmung vum Projet de loi kommen, dem Projet de loi 8443. Den Text steet am Document parlementaire 8443⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8443 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Nach e klengen Effort.

(Interruption)

Une voix | De Computer hänkt.

Une autre voix | Den Ordinateur.

M. Claude Wiseler, Président | „Den Ordinateur hänkt“, ...

(Hilarité)

... wéi se géinge soen.

Ok, bon, also d'Resultat vum Vott ass hei op mengem Schierm: 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Ech ginn dervunner aus, Madamm Tanson, datt mer Äre Vott als Jo derbäizieleen. Da wären et 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet ass also à l'unanimité ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Stéphanie Weydert), Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cohen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding (par M. Yves Cruchten), Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Ben Polidori), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

7. Interpellation de Mme Francine Closener sur les écoles européennes publiques

Da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour, an zwar der Interpellatioun vun der Madamm Francine Closener iwwert d'ëffentlech europäesch Schoulen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno follgendermoossen: D'Interpellatrice huet 30 Minutten, d'CSV 15,5, d'DP 12, d'LSAP 11, d'ADR 7,5, déi gréng, d'Piraten, déi Lénk jee weils 10, d'Regierung 30. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Ricardo Marques, d'Madamm Barbara Agostino, den Här Fred Keup, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Francine Closener als Auteure vun der Interpellatioun. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

Mme Francine Closener (LSAP), interpellatrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, besser Bildungschancë fir benodelegt Kanner, méi Gerechtegheet a méi Kanner, déi gär an d'Schoul ginn, well et fir si endlech eng Schoul gëtt, déi bei se passt: Dat waren d'Ziler, déi ee bei den europäesche Schoule virun Aen hat.

Haut, bal néng Joer nodeems déi éischt ëffentlech Europaschoul zu Lëtzebuerg opgaang ass ...

(Brouhaha)

M. Claude Wiseler, Président | Sou, wannechgelift, e bësse Rou!